N°2711
Entrée le 29.08.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n° 2711 vum 31. Juli 2025, vum honorabelen Deputéierte Fred Keup an vum honorabelen Deputéierten Tom Weidig zum Sujet "Personnes faisant l'objet d'une obligation de quitter le territoire"**

## 1. Wéi sinn déi entspriechend Zuele fir Lëtzebuerg?

Am Lëtzebuerger Auslännerrecht gëtt net mat de selwechte Begrëffer geschafft wéi am däitsche System. Speziell d'Konzept vun de sougenannten „Geduldeten", dat an Däitschland dozou féiert, datt präzis Zuele vun „Ausreisepflichtegen" oder „onmëttelbar Ausreisepflichtegen" kënnen opgewise ginn, existéiert hei am Land net. Aus deem Grond kënnen och keng direkt vergläichbar Statistiken zur Verfügung gestallt ginn.

An Zukunft wäert duerch d'Aféierung vun neien EU-Systemer, wéi dem SIS, an duerch déi progressiv Interoperabilitéit tëscht de verschiddenen Datebanken eng Verbesserung vun de Statistiken erreecht ginn. Dëst wäert zu enger méi staarker Harmoniséierung tëscht de Memberstaaten an zu enger méi effizienter Verwaltung an Auswäertung vun den Donnéeë féieren.

## 2. Wéi hunn déi Zuelen sech an deene leschten zéng Joer entwéckelt?

An dësem Tableau sinn d'Zuele vun de Retouren, déi scho ausgefouert goufen, opgelëscht.

| | | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **Retour forcé** | DPI déboutés | 97 | 29 | 63 | 25 | 20 | 10 | 24 | 22 |
| | Autres | 57 | 50 | 68 | 39 | 38 | 58 | 89 | 108 |
| | *Total Retour forcé* | *154* | *79* | *131* | *64* | *58* | *68* | *113* | *130* |
| **Retour volontaire** | DPI déboutés | 324 | 179 | 128 | 56 | 80 | 36 | 44 | 76 |
| | Autres | 36 | 93 | 71 | 100 | 63 | 85 | 122 | 232 |
| | *Total Retour volontaire* | *360* | *272* | *199* | *156* | *143* | *121* | *166* | *308* |
| **Total** | | **514** | **351** | **330** | **220** | **201** | **189** | **279** | **438** |

## 3. Wéi ass den offizielle Begrëff zu Lëtzebuerg fir de sougenannten „Ausreisepflichtigen", a wéi gëtt dëse Status hei definéiert?

Am lëtzebuergesche Recht gëtt net vun engem „Ausreisepflichtegen" am enke Sënn geschwat. D'Immigratiounsgesetz definéiert de Statut iwwert eng „Décision de retour", dat heescht eng Entscheedung vum Minister, déi den Openthalt vun engem Drëttstaaten-Auslänner als *irrégulier* erkläert an eng Obligatioun imposéiert, den Territoire ze verloossen.

**4. Wéi ass den offizielle Begrëff zu Lëtzebuerg fir de sougenannten „unmittelbar Ausreisepflichtigen“, a wéi gëtt dëse Status hei definéiert?**

„Onmëttelbar“ heescht am juristesche Sënn ouni Frist oder Virlafszäit. Eng Persoun ass deemno onmëttelbar “ausreisepflichteg”, wann se d’Land direkt, also ouni déi üblech Frist vun 30 Deeg fir eng fräiwëlleg Ausrees, verloosse muss. Dëst ass an deem Fall virgesinn, wou eng direkt Ausreesflicht applizéiert gëtt, beispillsweis bei enger Gefor fir d’ëffentlech Uerdnung oder Sécherheet, bei engem betrügereschen oder offensichtlech onbegrënnten Openthaltsdossier oder am Fall vun engem klore Fluchtrisiko. Dëst stellt also eng Ausnamereegelung duer, déi eng méi séier Exekutioun vun der „Décision de retour“ erméiglecht.

Lëtzebuerg, den 29. August 2025
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN